N°140
Entrée le 29.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vun dem Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°140 vum 29. Dezember 2023 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Superdreckskëscht"**

Zur éischter Fro verweisen ech op d'Kommissiounssëtzung vum 30. November 2022. An der Sëtzung ass duer geluecht gi wat fir eng Méiglechkeeten de Staat huet, fir een Audit no engem internationale Standard ze maachen. Esou ewéi deemools ugekënnegt, gouf eng "procédure convenue" ausgeschafft.

Zur zweeter Fro kann ech Iech matdeelen datt de Ministère forméiert ginn ass, dass an der juristescher Prozedur souwuel géint de fréieren Direkter vun der Ëmweltverwaltung, wéi och géint den Direkter vun der Firma OSL, een "non-lieu" festgehale gouf an domat keng weider Poursuite wäerte stattfannen. Et gëtt dohier och kee Grond, deen aktuelle Vertrag net bis zu senger Echeance weider ze féieren.

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2024

(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit